# D’ Elfen an den Zauber-Bësch

An engem Kinneksräich weit ewech vun hei, lieft d’Elfe-Kinnigin Stéphanie mat hirem Mann Maximilian an den Prënzekanner Felix ,Henri an de Linus-Maximilian.
D’Schlass gëtt vun zwee Pandaen bewaacht.
De Linus-Maximilian an seng Bridder spillen am Schlassggaart Pegagolf.
„Pegagolf“ ass d’National spill bei den Elfen; si sëtze beim Spill op den Pegasus, a beim Spill geet et net ëm d’Gewannen, mä just ëm de Spaass, deen d’Elfe beim Spill hunn....

Iwwer dem Spill passéiert en Ongléck an zwar den Linus-Maximilian fält vun sengem Pegasus an blesséiert sech ganz schwéier. De Félix leeft direkt an Schlass fir seng Elteren siichen zegoen. Déi zwee maachen sech direkt op den Wee fir bei hirem Jong deen um Buedem leit an no Loft schnaapt. D’Maximilian hieft säin Jong op, an bréngt en an d’Schlass zeréck an säi Prënzenzëmmer.
D’Kinnek rifft d’Dokteren an d’Schlass op déi sengem Jong hëllefe kënnen sollen.
D’Elteren sëtzen am virum Prënz senger Kummer, awer dat dauert an dauert bis d’ Dokteren erëm aus dem Prënz sengem Zëmmer kommen.

D’Elteren kucken hoffnungsvoll op d’Dokteren a wat déi solle mengen. Awer hir Hoffnung verschwënnt ganz schnell erëm, wei Doktere soen, datt si näischt maache kënnen, well dem Prënz seng Blessuren sinn esou schwéier wieren, an datt et kee Medikament gëtt, déi Blessuren kann heelen.

Majestéit, dir musst den Elfe-Rot zesummenruffen déi kennen vill méi maachen eis sinn d’Hänn gebonnen deet eis Leed. De Kinnek bekuckt seng Kinnigin hunn an seet dann: „Mäin Hues, ech ruffen direkt den Elfen-Rot zesummen, eis bleift näischt aneres iwreg. D’Kinnigin kuckt mat Tréinen an den Aen vun hirem Mann an seet:

Da maach dat, ech ginn bei eise Jong, maach du dat mam Elfen-Rot, ech hunn keng Nerven méi dofir....
Maximilian kuckt säin Stéphanie an Aen an déi zwee verstinn sech och ouni Wieder....

D’Kinnek rifft seng Dénger: Meng léif Leit, ech weess dir maacht iech Suergen fir de Prënz, awer mir brauchen är Hëllef; dir musst an d’Elfe-Schlass am Zauber-Bësch fir vun den Elfen an Feeën Hëllef bei der Feeën Kinnigin ze froen. D’Dénger bekucken sech net laang; hunn an lafen direkt lass fir bei d’Elfen a Feeën. D’Bedénger kommen beim Schlass un, mee lo hunn ze e Problem d’Wiechter loossen ze net eran. Deen Ament kennt Feeë-Kinnigin Elsa eraus an freet, wat hei lass wier.

Ee vun den Wiechter dréint sech ëm an seet hir, dat hei wieren Dénger vun der Kinnigin Stéphanie an dem Kinnek Maximilian, si hätten elo grad gesot, ze bräichten eis Hëllef. D’Feeën Kinnigin kuckt hier Wiechter a freet, firwat si déi Leit net gengen eraloossen. D’Kinnigin brauch eis Hëllef, a mir si fir si do. D’Wiechter bekucken sech a loossen d’Dénger endlech an d’Schlass eran.“ D’Feeën Kinnigin waart op iech am Troun-Sall.“

D'Dénger kommen an den Kinnekssall eran do sëtzt d'Feeë-Kinnigin an hirer gëllener Fotell. Kommt méi no, huelt iech Plaz an erzielt mir emol, wat genau passéiert ass.

An Dénger fänken un, iwwer t'Ongléck vum Prënz Linus-Maximilian ze erzielen, an datt d'Dokteren sech d'Wonnen ugekuckt hunn, datt dat éiweg gedauert hätt, bis si endlech aus dem Zëmmer vum Prënz eraus komm wieren; an hunn dunn gesot dass ze näischt kennen maachen fir dem klenge Prënz seng Wonnen ze heelen.

D'Dokteren hätten dunn och nach gesot, de Kinnek soll den Elfen-Rot goen, do krit hien eng Léisung wei een dem Prënz seng Wonnen heelen soll.
D'Feeën Kinnigin kuckt d'Dénger ganz besuergt a seet da just dee Saz deen dem Kinnek Maximilian seng Dénger héiere wollten:

**All Elfen an Feeën direkt an den Kinneks-Sall !!!!!!!!!!!**

Do geet d'Dier op an all Elfen an Feeë stiermen eran. Eng vun Feeë geet no vir an freet „Majestéit, firwat huet dier eis ruffe gelooss?" D'Feeë-Kinnigin Elsa erzielt déi ganz Geschicht. D'Fee Milla, der Feeë-Kinnigin hir Duechter kuckt ganz besuergt dran an seet dann „Majestéit mir ginn all direkt bei der Kinneksfamill hirt Schlass, fir eis Hëllef unzebidden." D'Feeë-Kinnigin freet dann d'Milla, wourop si dann nach giffe waarden!

D'Elfen an Feeën kommen beim Schlass un, wou den Kinnek Maximilian schonn op si waart.Déi éischt Feeë déi virbäi ass Feeën Kinnigin Elsa. Mäi léiwe Maximilian, wat hun deng Dénger mir do verzielt: de Prënz Linus-Maximilian hätt sech beim Pegagolf-Spill schwéier blesséiert.
Den Maximilian kuckt d' Elsa un mat Tréinen an den Aen an schlacks jo, genau hätt hien si ruffe gelooss. D'Elsa freet, wou d'Stéphanie ass? Hie seet him, datt seng Fra beim Linus-Maximilian am Zëmmer wier, et wier jo verständlech,datt hatt wëllt bei hirem Jong sinn.

„Dat stëmmt, Du hues du Recht. Kënne  mir dann elo an d'Zëmmer vum Prënz goen? Mir mussen äis d'Wonnen jo ukucken, éier mir eppes maache sollen, Maximilian"!

„Jo, richteg an der Rei, Elsa, ech bréngen iech dohin; awer éier dir era gitt, muss ech d'Stéphanie nach aus dem Zëmmer bréngen, well deem seng Nerven sinn am Moment total um Enn wéinst ganzer der Geschicht."

D'Maximilian geet am Prënz säin Zëmmer do gesäit hie wéi d'Stéphanie beim Bett sëtzt, mam Kapp op der Decken läit an kräischt. „Stéphanie!" pëspert den Maximilian hatt hieft den Kapp an kuckt säi Mann mat verkraschenen Aen…."

„Wat ass dann, Maximilian?" D'Elfen an Feeën sinn lo do! Déi wëllen, datt mir aus dem Zëmmer sinn, wann si sech Wonnen vum Linus-Maximilian ukucken. Stéphanie hieft sech vum Stull an du gëtt et him schwaarz virun den Aen et klappt zesummen!... Ee Gléck am Maximilian seng Äerm....
Den Maximilian rifft Feeën just fir him Dier opzehalen, well seng Fra grad zesummengaang ass ...

„Maximilian" seet Elsa, en kuckt héich an gesäit d'Elsa bréngen d'Stéphanie an eist Zëmmer. D'Dokteren sinn schonn alarméiert an stinn schonn am Zëmmer op eis ze waarden.

D'Elsa kuckt de Maximilian a nujelt: „Gutt mir ginn am Prënz säin Zëmmer, kucken äis d'Wonnen un, an dono beroden mir eis, wat mir maachen musse fir d'Verletzungen vum Prënz ze heelen". Maximilian, wou fannen mir dech dono, wa mir fäerdeg si mat Beroden"? freet Elsa. Also entweder sinn ech beim Stéphanie oder bei mengen Jongen Felix an dem Henri, déi si jo nach do an déi brauche mech jo och."

„Bekëmmer dech als éischt ëm deng Fra an dann ëm deng Jongen.

„t'ass gutt Elsa, ech maachen et esou wéi du ët grad gesot hues; ech muss awer lo wierklech goen, well d'Stéphanie gëtt esou lues schwéier an mengen Äerm. Ech mengen nämlech dass  Stéphanie en Nervenzesummebroch hatt. Daat géiff mech net wonneren mat deem ganzen Chaos rondrëm Linus-Maximilian, d'Stéphanie mécht sech einfach ze vill suergen an Gedanken."

„Et soll einfach mol no sech kucken, fir datt erëm gesond gëtt".

„Elsa dat sees du esou einfach mir hunn dräi Kanner, an en Land ze regéieren."

Ech weess dat alles Maximilian. Awer d'Gesondheet vum Stéphanie geet lo vir. Sou, lo ginn mir an dem Prënz säin Zëmmer."

Et klappt hun Dier:" Majestéit, Dokteren froen, wou dir mat der Kinnigin bléift, well si mussen nach fort." Sot den Dokteren w.e.g, ech sinn ënnerwee." Knapp eng Minutt méi spéit ass den Maximilian am Zëmmer a leet d'Stéphanie an Bett kësst seng Fra nach op Stir, a geet e bei seng Jongen... Déi schon op en waarden.

Déi froen direkt wou d'Mamma ass? De Maximilian äntwert aer Mamm ass mir grad zesummegaang, an d'Dokteren giffen ëm si bekëmmeren; si sollen sech keng Suergen maachen, d'Mamm wier a gudden Hänn.

„D'Jongen froen awer och nach wei et hirem Brudder geng goen?" D'Maximilian seet: „ärem Brudder geet et deementspriechend d'Elfen an Feeën sinn lo bei him"... An dem Moment wou den Maximilian dat seet klappt et hun der Dier vun den Jongen. „D'Jongen froen wien ass dann do?" Meng Prënzen ech bräicht ären Papp seet den Dénger. Maximilian äntwert: „wat ass dann?"

Den Dénger seet: „d'Dokteren sinn faerdech mat der Ënnersichung vun der Kinnigin. Dokteren wëllen gären mat iech schwätzen". Jo ass gutt ech kommen...

„Jongen dir zwee sidd lo brav"... Déi zwee kucken hiren Papp no wei en Zëmmer verléisst ruffen ze nach schnell eppes hannen drun: „Pappa mir hunn dech an Mamma ganz vill gär"... „Merci Jongen ech soen der Mamma dat."

D’Maximilian trëtt an d’Zëmmer vun der Kinnigin an freet Dokteren direkt wat mat senger Fra lass ass. Een vun den Dokteren dréit sech ëm an seet: „Dir hatt Recht d’Kinnigin hatt en Nervenzesummebroch.“ D’Kinnigin muss sech lo schounen an braucht lo ganz vill rou an keng Opreegung.

Also alles wat méiglech ass vun hir erweech halen.
Jo ass an der Réih dat wäert awer net esou einfach ginn. Dir wësst jo mir hunn 3 Kanner an dat ass den Moment net grad einfach. Jo dat wëssen mir...Awer dat muss lo sinn well der Kinnigin hier Nerven sinn den Moment wierklech net aus Stol. D’Kinnek äntwert ech maache mäin bescht. Ech soen iech awer „Merci dass dier esou séier kommen konnt“. Dat ass dach selbstverständlech mäin Kinnek.

An dem Moment klappt et un der Dier!!! „Mäin Kinnek d’Feeën Kinnigin freet no iech. D’Elfen an Feeën sinn fäerdeg mat beroden an wëllen iech hier Entscheedung matdeelen wat se lo maachen“.....Ok ass gutt ech kommen gläich. En béckt sech no vir iwwert Bett an kësst seng Fra Léiw voll op Stir an pëspert hier nach ant Ouer mäin Hues ech hunn dech gären dat soll ech dir och vun dengen Kanner soen. An dem Moment mécht Stéphanie Aen op awer nëmmen ganz kuerz an mécht ze direkt erëm  zou. Den Kinnek verléisst Zëmmer erëm an geet an den Virraum vum Prënz wou d’Feeën Kinnigin schonn op een waart.

„Maximilian ech wëll dir eis Entscheedung mat deelen an zwar brauchen mir gewëssen Kraider déi dem Prënz hëllefen sollen erëm gesond ze ginn… Dofir mussen mir awer den alen Af Mufasa sichen, deen ass den eenzegen deen dat weess wei eng Kraider mir mussen am Zauber Bësch sichen. Dofir mussen mir all Deieren aus dem Kinneksräich zesummen ruffen déi sollen eis hëllefen den Af ze fannen“. Den Maximilian kuckt Elsa mat groussen Aen hun!!!

Ass gutt Elsa, dann hunn just eng Fro an zwar kanns du dat w.e.g iwwerhuelen dat ass mir alles ze vill? Ech muss mech lo mol ausrouen well soss klappen ech och nach zesummen. D’Elsa kuckt hien hunn an seet „Keen Problem Maximilian“. Ech iwwerhuelen dat alles fir dech rou du dech aus. Falls ech eng Fro hun kann ech jo bei dech kommen. Ass dat ok fir dech.... “Jo dat ass an der Réi fir mech Elsa.” „Soe mol just nach eng Fro Maximilian“? „Jo wat ass dann Elsa“!

„Wat hunn d’Dokteren vum Gesondheet-Zoustand vum Stéphanie gesot hatt et en Nervenzesummebroch oder net“? Dach Elsa ech hatt Recht d’Stéphanie hatt en Nervenzesummebroch an d’Dokteren hunn gesot et bräicht lo ganz vill Rou an mir sollen all Opreegung vum em erwäch halen. Dat gëtt awer schwiereg mengt d’Elsa mengs du dat net oder Maximilian. Dach Elsa dat gleewe ech och. Mir probéieren einfach eis bescht op et eis geléngt gesinn mir dono.

Elsa ech muss lo goen. Ass an der Réi Maximilian rou dech lo mol aus. Ech organiséieren d’Gruppen fir d’Sich nom Af Mufasa. Maximilian verléisst den Vir-Raum an geet an d’Zëmmer wou seng Fra schonn op hien waart. Hatt ass grad erwächt d’ ass awer nach geschwächt.

Stéphanie kuckt hire Mann un an mierkt direkt dass den Maximilian net gutt ausgesäit an seet direkt komm mäin Häerz komm lee dech bei mech du gesäis net grad gutt aus. Maximilian kuckt seng Fra hunn an néckt do géint du Recht hunn mäin Hues dass den Moment en bëssen ze vill.

„Awer lo mol eppes aneschtes wei geet et dir Stéphanie"? Mir geet et eigentlech ganz gutt just nach en bëssen midd d'Dokteren hu mir en Medikament ginn wat mech midd mécht. Asou dat ass gutt dann schlof mol, ech probéieren och lo mol en bëssen ze schlofen well soss briechen och ech nach zesummen an dat kann ech mir net leschten. Du bass jo schonn ausser Gefecht gesat.

Jo dat stemmt allerdéngs Maximilian seet et zu sengem Mann. Sou lo mengen ech geet Zäit dass mir en bëssen schlofen. Schlof gutt mäin Häerz. Nuecht brécht eran am Elfen Schlass an et ass rouech an den Reim vum Schlass.
Um aneren Dag erwächt den Kinnek niewent senger Fra an freet Stéphanie op et schonn waakreg ass, en kritt keng äntwert. D'Maximilian steet lues op an kësst seng Fra op Stir. Stéphanie mécht d'Aen op an gesäit den Maximilian deen sech grad iwwert hatt béckt. Geet et dir gutt Stéphanie freet den Maximilian .

D'Stéphanie äntwert „naja net esou gutt hunn ganz schlecht geschlof an nach derbäi schlecht gedreemt". „Oh seet den Maximilian wat hues du dann gedreemt"?
D'Stéphanie erzielt him déi ganz Geschicht wat et gedreemt huet.
„Et huet schonn schlecht ugefaangen an zwar dass den Linus-Maximilian ni méi gesond wäert ginn an dass Elfen an Feeën keng Heel Kraider wäerten fannen. Dunn sinn ech erwächt wollt dech awer net extra waakreg maachen du hues esou déif an fest geschlof. Stéphanie du häss mech sollen waakreg maachen och wann et déif an der Nuecht ass dat ass egal deng Gesondheet geet lo vir", äntwert den Maximilian. Du bass schonn geschwächt wéinst dengem Zesummebroch vun gëschter. Also déi näisckt Nuecht wann du erëm schlecht dreems maach mech waakreg w.e.g. Ass an der Réi mäin Häerz ech maachen dech dann waakreg.

"Stéphanie ech ginn mol bei eis Jongen kucken als éischt bei den Félix an den Henri. Dann ginn ech bei den Linus-Maximilian kucken wei et him geet?"
An du bleifs am Bett leien, eis Dénger stinn dir zur Verfügung wann du eppes wëlls. Ech well nämlech dass du am Bett leien bleifs du solls dech schounen den Dokteren no! Jo mäin Hues ech follegen.... Sou mäin Hues ech loossen dech lo. D'Maximilian verléisst Zëmmer an denkt sech Stéphanie wäert souwisou net follegen an et wäert probéieren opzestoen!!!!

Maximilian geet an d'Zëmmer vum Felix an vum Henri, do ass et nach total roueg am Zëmmer. Dat wonnert mech net d'Jongen schlofen nach. D'Maximilian probéiert keen Kaméidi ze maachen an mëscht Dier ganz virsiichteg zou. Dann geet en an d'Zëmmer vum Linus-Maximilian deen schléift och nach. Do geet en eraus an am Vir-raum gesäit en d' Elsa op enger Fotell setzen an schléift och nach. De Maximilian kuckt d'Elsa un an deem Moment mécht d'Elsa d'Aen op a freet. Maximilian wat mëss du dann hei?
Dat selwecht wollt ech dech och grad froen seet den Maximilian.

Als éischt du seet d'Elsa Maximilian ma ech wollt just no mengem Jong kucken wei et em geet deen schléift awer nach.Maximilian pëspert dann an wat mëss du hei Elsa? Mä äntwert Elsa ech wollt hei bleiwen wousst jo du waars schlofen an et war soss keen hei. Ech hun mir do geduecht et muss jo een hei sinn falls den Prënz eppes braucht oder eppes passéiert et weess een jo ni!! Maximilian kuckt Elsa hunn an seet: "Merci dat ass awer ganz léif ... Dat heescht du hues hei an der Fotell geschlof?"

Jo Maximilian ech hun op der Fotell geschlof... Ech hunn d'Gruppen zesummegestallt awer ech sichen net mat. Dat maachen meng Elfen an Feeën. "Dat ass gutt Elsa seet den Maximilian..."Oh Elsa géinst du dat w.e.g déi nächst Nuecht och maachen. Ech muss beim Stéphanie bleiwen et huet lescht Nuecht schlecht gedreemt an nach darbei schlecht geschlof ech hun him gesot et soll mech waakreg maachen déi nächst Nuecht weess awer net op et dat mëscht... Ech kennen meng Fra gutt genuch dat ech weess dass et dat net mëscht...

Maximilian seet Elsa ech maachen dat esou laang bis meng Elfen an Feeën den alen weisen Af Mufasa fonnt hunn. An ech hoffen dass et net mei laang dauert. Den Maxmilian kuckt d' Elsa un Mengs du dat dauert nach laang? Elsa äntwert him dat hänkt dovunner of wou den alen weisen Af sech grad ophält dat ass nämlech net esou einfach hien ze fannen am Zauber Bësch.

Maxmilian dat ass just eng Fro vun der Zäit mengt Elsa.. Dat muss du verstoen Maximilian. Ass schonn gutt Elsa ech ginn dann mol. An dem Moment klappt et un der Dier wei den Maximilian Dier wollt opmaachen gesäit hien een vun sengen Dénger do stoen mat engem besuergten Gesicht mäin Kinnek et ass eppes mat der Kinnigin se wollt just bei Fënster sech setzen goen. Ech hunn hier gehollef opzestoen si ass mir leider duerch meng Äerm gerutscht. An wat ass elo mat der Kinnigin freet den Kinnek hues du se erëm zeréck ant Bett geluecht? Jo Majestéit hunn ech, an d'Kinnigin schléift lo erëm ech hunn Fënster opgemaach dass ze frësch Loft kritt.

Dat war eng gutt Iddi vun dir. Den Maximilian kennt an d'Zëmmer eran an gesäit wei Stéphanie am Bett leit an héiert och eppes wei en méi no bei Bett kennt mierkt en dass Stéphanie am Schlof schwätzt an et geet ëmmer méi haart. En probéiert Stéphanie waakreg ze maachen et geléngt em awer net, hien probéiert et waakreg ze rëselen hunn em an seet nach därbei mäin Hues gëff waakreg du hues erëm schlecht gedreemt!!!! Stéphanie schléit d'Aen op. Maximilian ass erliichtert wei en gesäit dass Stéphanie d'Aen opgemaach huet.

D'Stéphanie kuckt säin Mann an seet dann wat mëss du dann hei." En äntwert Hues eis Dénger hunn mech ruffen gelooss, wëll's du am Schlof geschwat hues an ech hunn probéiert dech waakreg ze maachen awer keng Chance." D'Stéphanie hues du erëm schlecht gedreemt oder mäin Hues? " Hatt néckt jo hatt ech... Hien kuckt hatt un an freet. Deen gläichen Albdram wéi déi lëscht Nuecht oder en aneren. Et war erëm deen gläichen Albdram äntwert Stéphanie!!!!

D’Stéphanie freet säin Mann nach eppes. Maximilian ech muss nach eppes wëssen an zwar hues du schonn eng Meldung vun den Elfen an Feeën aus dem Bësch kritt op se den Af Mufasa schonn fonnt hunn. Den Maximilian kuckt Stéphanie un, Hues vun wiem weess du dat. Well dat solls du eigentlech net wëssen. Ech hunn et héieren wéi Dénger hei am Gang geschwat haten. Sou seet den Maximilian ant Dier war net ganz zou.... Jo genau esou war dat.

Stéphanie, seet Maximilian ech wousst dat dass du mir net géifs follegen an probéiert hues op ze stoen. Hatt kuckt säin Mann mat groussen Aen un wei wousst du dat dann well ech dech laang genuch kennen Stéphanie.

Jo genau du kenns mech am Fong am beschten äntwert Stéphanie. An wat maachen mir lo Maximilian, also Stéphanie du bleifs am Bett leien an ech erkënnegen mech wei weit d’Elfen an Feeën mat hierer Sich nom alen weisen Af sinn. Ass gutt mäin Hues an ech probéieren nach eng kéier anzeschlofen.

Maach dat Stéphanie seet den Maximilian.Den Maximilian geet aus dem Zëmmer an en ass um Wee fir an den Kinneks Sall wou en gesäit dass d’Elfen an Feeën sech grad versammelt hunn em sech nach eng kéier beroden wei se weider virginn fir den alen Af Mufasa ze fannen.
An dem Moment gesinn ze dass den Kinnek am Sall ass an halen direkt op mat schwätzen.
D’Feeë Milla dréit sech em an geet op den Kinnek zou an seet „Majestéit wat maacht dir dann hei.“ Maximilian kuckt Milla un an seet uschléissend Ech wollt mech just erkënnegen wei weit dir mat der Sich sidd.

D’Feeë Milla äntwert dem Kinnek dass ze eng waarm Spuer vum Léiw Simba an vun sengen Léiwen krutt.
An mir beroden eis grad wei mir mat der Spuer weider virginn. Maximilian kuckt Milla un. Dat ass en gutt Zeechen oder net freet ent Milla.
D’Milla äntwert dach Majestéit dat ass en ganz gutt Zeechen. An wat maacht dir dann nach hei freet den Kinnek. D’Milla seet dann mir mussen eis Gruppen opléisen, well deen alen weisen Af empfänkt just eng Feeë dat ass Bedingung vum Af. Ech ginn nämlech bei den Af. Dat hunn mir decidéiert. Milla seet wollt mech grad op den Wee maachen als dir eran kommt sidd.

Asou Milla dat wousst ech jo net, seet den Kinnek an léist Milla aus dem Zëmmer goen. D’Feeë Milla ass grad um Wee fir an den Zauber Bësch bei den alen weisen Af. Milla mierkt dat en him no geet an dréit sech em an gesäit Eenhar d‘Ella virun him steet. Ella wat mëscht du dann hei du weess dach dass ech dat alléng maachen muss. Dat ass Bedéngung vum Af. D’Ella wiehert an kuckt Milla un. Ho Ella ass schonn gutt awer ech hunn eng Bedéngung du muss mech den Recht vum Wee alléng goen loossen den bei den Af Mufasa féiert. D’Ella kuckt Milla un an rëselt den Kapp erop an erof dat heescht an der Päerdsprooch jo dat ass keen Problem.

D’Milla an Ella maachen sech op den Wee... Op een mol bleift d’Ella stoen, well et gemierkt huet dat een hinnen nokuckt an zwar en Elch an en Kaputze Männchen. D’Milla mierkt dass d’ Ella stoen bliwwen ass an freet d’Ella firwat bass du stoen bliwwen? Dat wéisst op d’ Heck wou déi zwee Deieren sech verstoppt hunn. D’Milla gesäit déi zwee an seet déi zwee sollen sech weisen an ze brauchen keng Angscht ze hunn mir dinn iech näischt... Déi zwee Deieren trauen sech endlech eraus ze kommen.

D’Milla kuckt sech déi zwee genau hunn an freet ze firwat ze eis verfollegen... Den Elch Sven äntwert mir verfollegen iech well mir wëssen wëllen wou dir hin gidd, wann dir nämlech bei den alen Af wëllt weisen mir iech den Wee. Sou seet Milla dann follgen mir iech genau esou ass et äntwert den Elch dem Milla.

Awer ënnert enger Bedéngung den EenHar dierf just bis zum Ufang vum Wee matgoen, jo äntwert Milla dat hunn mir schonn gekläert. Do huet den Elch schonn vertrauen zum Milla an dem EenHar opgebaut. Also gutt dann git dir eis. Si ginn an ginn ouni eng Paus ze maachen. Dann bleift den Elch stoen an seet sou EenHar an mir mussen hei  waarden. Si Madame Feeë mussen lo hei alléng erop goen... Ass an der Réi dann ginn ech mol erop hunn just nach eng Fro wann ech douewen ukomm sinn treffen ech dann den alen Af?

Den Elch kuckt d’Milla un. Jo deen waart do uewen schonn op iech. Asouz dat ass gutt. D’Milla mécht sech op den Wee fir no uewen. An dat dauert éiweg bis et endlech uewen ukënnt gesäit et endlech den Schluss.
Do uewen ukomm héiert Milla eng Stëmm hannert him, et dréint sech em an et gesäit den alen weisen Af op engem Steen setzen. Deen alen Af freet Milla wisou sicht dier mech dann? Milla setzt sech vis-à-vis vum Af an fänkt un d’Geschicht ze erzielen iwwert den Accident vum Prënz an iwwert d’Blessuren wou en sech zou gezunn huet... Den Af seet dann dat ass net gutt! Ze brauchen lo Heel Kraider fir Blessuren vum Prënz ze versuergen... Milla kuckt den Af mat groussen Aen un jo wéi woussten si dat!!!!!!!!! Ech kann är Gedanken liesen. Asouz ass dat. Milla seet dann also stëmmt dat wat een sech erzielt....

Den Af fänkt hun mat schwätzen déi Heel Kraider wou dir braucht fir Wonnen vum Prënz ze versuergen sinn folgend:

• Peifenkraut, deen berouegt wierkt

• Schwaarzkraut, deen d’Haut wou d’Verletzungen sinn berouegt

• Kinnikskraut, deen hëlleft d’Ootmung ze verbesseren

• Moundkraut, deen hëlleft dobei besser anzeschlofen

• Bëschhoneg, deen hëlleft dass den Wéih méi séier fort geet

Dat mëscht der alles zesummen! An dann maacht dir dat opt Wonnen vum Prënz awer dat dauert bis zu dräi Deeg bis Heelkraider wierksam sinn. Dier musst just der Kinnigin an dem Kinnek soen se mussen sech gedëllegen, well et kann sinn dass den Prënz 3 Deeg schlofen wäert. D'Kraider weisen dann eréischt hier Wierkung. D'Milla seet Merci beim Af, hellt Kraider an den Bëschhoneg. An geet erëm den Bierg erof bei déi aner. Déi schonn nom Milla verlaangeren. D'Ella kuckt Milla un an mierkt  direkt dass alles gutt gelaf ass beim alen Af.

Jo seet Milla den Af huet mir alles genau   erkläert wéi mer Kraider sollen uwenden. En huet mir just eppes nach gesot wat ganz wichteg ass an zwar dierfen mir net vergiessen der Kinnigin an dem Kinnek ze soen dass sie sech sollen 3 Deeg gedëllegen, well den Prënz wäert esou laang schlofen, Kraider wierken nämlech dann eréischt.

Déi zwee ginn nach vum Elch an vum Aerdmännchen aus dem Bësch begleet do dréit Milla sech nach em an seet deenen zwee nach Merci dass se nach begleet hun. Den Elch äntwert: Milla dat ass eis Flicht mir sinn frou dass den alen weisen Af iech hëllefen konnt an iech direkt Kraider mat ginn huet. Déi dir braucht fir dem Prënz seng Wonnen zeheelen.
Jo doriwwer sinn mir och ganz frou. Sou mir mussen iech elo verloossen mir ginn schonn am Schlass erwaart. Am Schlass ukomm ginn ze erwaartungsvoll vun den Elfen an den Feeën begreisst déi am Schlass gewaart hun. Natierlech och Feeën-Kinnigin Elsa dem Milla seng Mamm trëtt no vir an freet hier Duechter op se eppes beim alen weisen Af erreecht huet.

D'Milla seet senger Mamm jo ech hun eppes erreecht. Ech hun him déi ganz Geschicht erzielt ! Wéi ech dunn zu Enn erzielt hun, freet en mech direkt op mir déi Heelkraider fir den Prënz brauchen, ech kucken en mat groussen Aen un an hun en gefrot wéi en dat wousst, „Ech kann är Gedanken liesen". Dunn war ech iwwerrascht wei en dat gesot huet...
Den alen Af huet mir Kraider genau erklëert a wéi mir ze mussen zesummen mëschen... An wat déi Kraider mat den Wonnen vum Prënz maachen.
Mir dierfen just eppes net vergiessen, an zwar der Kinnigin an dem Kinnek ze soen dass se sech mussen 3 Deeg gedëllegen !!

Sou laang wäert et nämlech daueren bis Kraider hier Wierkung weisen, den Prënz schléift nämlech sou laang.... D'Elsa kuckt hier Duechter un, an freet wou sinn Kraider Milla? Mir mussen déi nach mëschen. D'Kraider sinn an der Täsch déi um Réck vum Ella hänkt. D'Milla seet nach Mamma pass op well dass nach Bëschhoneg drabei den mussen mir mat den Kraider zesummemëschen. D'Elsa geet bei d'Ella an hëlt d'Kraider an den Honeg aus der Täsch eraus an verschwënnt am Schlass mat enger Feeë. Déi aner Elfen an Feeën versammelen sech am Virraum vum Prënz an waarden op den Kinnek Maximilian.

Den Kinnek kennt an d'Zëmmer eran. Milla geet bei den Kinnek an seet dann mäi Kinnek: Meng Mamm Feeën-Kinnigin ass den Moment am Zëmmer vum Prënz an mëscht Kraidermëschung op d'Wonnen vum Prënz.
An ech muss iech nach eppes soen an zwar muss Kinnigin an dir mäin Kinnek iech 3 Deeg gedëllegen, den Prënz wäert esou laang schlofen.

Déi Kraidermëschung op den Wonnen mëscht den Linus-Maximilian ganz vill midd dofir schléift  en 3 Deeg duerch. Den Maximilian kuckt Milla un an seet Merci Milla dass du mir dat elo gesot hues...
Wéi ech meng Fra kennen gët dat elo eng Zerräissprouf. Jo dat kann ganz gutt sinn mäin Kinnek, et muss awer sinn!!! Den Maximilian verléisst Zëmmer an geet bei seng Kinnigin an Zëmmer déi nach ëmmer am Bett leit an nach déif an fest schléift. Maximilian wëll et awer net waakreg maachen, en weess awer net wat en soss maachen kann... Also leet en sech och an Bett an probéiert ze schlofen, et wäert em awer net geléngen.Op der aner Säit vum Schlass probéieren d'Elfen an Feeën d' Kraidermëschung op Wonnen vum Prënz an zereiwen. Dat hinnen direkt geléngt.

D'Elsa, d'Feeën Kinnigin seet lo zum Linus-Maximilian sou du wäerts elo gläich ganz vill midd ginn, dat ass den Heelungsprozess vun den Wonnen deen gläich ugeet. Den Prënz kuckt Elsa un an behält seng Aen kaum op an schléift an! D'Elsa kësst en nach vun sengen Elteren, pëspert em nach eppes an d'Ouer „Déng Elteren hun dech ganz vill gäer." Den Prënz reagéiert awer net méi, deen ass lo schonn am Land vun den Dreem...

Elsa verléisst Zëmmer an geet an den Virraum, an gesäit wéi gespaant d' Elfen an Feeën op ze kucken. Milla geet op seng Mamm duer an freet an wéi gesäit et aus schléift den Prënz elo. D' Elsa äntwert jo deen schléift schonn längst an ass am Land vun den Dreem... Dat ass gutt. D'Feeën-Kinnigin stellt eng Fro an den Raum weess een wou den Kinnek ass? Also entweder ass en béi sengen Jongen oder en ass bei senger Fra.

D'Elsa seet dann ech mengen deen ass sech leen, wëll dat mam Prënz Linus-Maximilian an dat mat senger Fra, déi ass jo zesummegebrach, an dat ganz duercherneen huet him vill Kraaft kascht. Stëmmt déi aner Elfen an Feeën do kennen dir Recht hun Majestéit. Ech ginn mol ganz kuerz an Zëmmer äntweren kucken op ech Recht hun, falls jo dann loossen mir d'Kinnigin an den Kinnek schlofen.... Souwisou déi zwee kennen lo näischt maachen dat leit lo an der Kraaft vun den Kraider. Lo nach eppes een vun iech soll hei bleiwen, well mir mussen den Prënz am A behalen, falls eppes net stemmt oder den Prënz Féiwer kritt mir wëssen jo net wei dem Prënz säin Kierper op Kraider reagéiert. Milla mellt sech!! Mamm ech bleiwen hei am Virraum op der Fotell setzen ech muss mech e bëssen erhuelen vun der Rees. Elsa kuckt hier Duechter un an seet dann war d'Rees bei den alen Af esou ustrengend Milla.

Milla kuckt seng Mamm un an seet oh jo et war ustrengend mir sinn bis zum Enn vum Zauber Bësch gelaf fir den alen Af ze fannen. Oh seet Elsa! Dann rou dech aus an ech stellen dir nach eng Feeë zur Säit, dann kennt der iech ofwiesselen. Merci Mamm dat ass léif. D'Feeën-Kinnigin verléisst den Virraum vum Prënz an mëscht sech op Sich nom Kinnek, se steet virun der Dier vum Zëmmer vun der Kinnek' s koppel a klappt ganz virsiichteg un d'Dier!! Ze lauschtert un der Dier op een eppes seet dann héiert ze een ganz lues Jo soen...
D'Elsa mëscht ganz lues Dier op an kuckt Richtung Bett!! Maximilian du bass jo waakreg seet et ganz verwonnert hunn geduecht du schléifs.

Den Maximilian kuckt d' Elsa un äntwert.Ech un probéiert ze schlofen awer ieschtenwei kann ech net anschlofen an mengen ech weess och firwat an zwar den Accident vum Linus-Maximilian an den Zesummebroch vum Stéphanie huet mech aus der Bunn geworf.
Elsa seet dann jo dat kann ganz gutt sinn Maximilian.

Elsa firwat hues du mech gesicht freet Maximilian? D'Elsa äntwert dem Maximilian, wollt dir just Bescheed soen den Prënz Linus-Maximilian schléift lo an d'Kraider Mëschung sinn op den Wonnen an weisen hier Wierkung schonn. An wat maachen mir elo freet den Maximilian d'Elsa ? Dier musst elo 3 Deeg ofwaarden an soulaang kennen mir näischt maachen, an dem Moment beweegt Stéphanie sech.

D'Stéphanie dréit sech no riets gesäit säin Mann an dann Elsa.
Elsa wat mëschts du dann hei freet Stéphanie? Den Maximilian äntwert dem Stéphanie, d' Elsa ass hei fir eis just se soen dass mir eis elo 3 Deeg gedëllegen mussen éischter dierfen mir net zum Linus-Maximilian goen mäin Hues. Stéphanie fänkt un mat kräischen. Mäin Hues dofir brauchs du elo net ze kräischen. Mir mussen dat elo maachen, well déi Kraider Mëschung op den Wonnen mussen hier Wierkung weisen. Dat muss du verstoen Stéphanie. Hatt beroueget sech erëm. An seet dann Ok Maximilian.

Den Maxmilian äntwert dem Stéphanie deng Nerven sinn nach ëmmer net stabil dofir bass du esou sensibel an reagéiers emotional dat ass einfach ze vill fir dech gewiescht. Mir dierfen mat Sécherheet no deen 3 Deeg eriwwer sinn bei eisen Jong oder Elsa freet den Maximilian. D'Elsa kuckt den Maximilian un an néckt, jo dier dierft bei ären Jong wann en waakreg ginn ass. Gesäis de Stéphanie also et keen Grond ze kräischen. D'Stéphanie wëscht sech seng Tréinen erwësch an laacht mol erëm eng kéier. Den Maximilian ass erliichtert wei en seng Fra ukuckt endlech Stéphanie du laachs jo erëm et gouf héich Zäit.

